Infoblat **MOIEN** 2024

Eng Bréck fir eis Sprooch

a.s.b.l.

2005 • 2024 — INFOBLAT Nr. 27 — DEZEMBER 2024



D'Moien ASBL feiert 2025 hir zwanzeg Joer.

Reservéiert Iech elo schonn den Datum, fir mat eis ze feieren,
an zwar e Samschdeg, de 26. Abrëll 2025
um 15 Auer a Schomesch
an der Gemeng Nidderaanwen

## Generalversammlung vum 25. Oktober 2024
## RAPPORT vun den AKTIVITÉITE vum Schouljoer 2023 – 2024

- **60 COURSË** vum Niveau A 1.1 bis B 2

| | | |
|---|---|---|
| **2** Jores-Sessiounen: | **1. Sessioun**<br>September 2023 – Dezember 2023<br>**15** Coursen en ligne – 46 Stonnen<br>**5** Coursen en présentiel – 46 Stonnen | **20** Coursen *Niveau A 1.1 bis B 1.2*<br>*2 Coursë sinn annuléiert ginn* |
| | **2. Sessioun**<br>Januar 2024 – Mee 2024<br>**16** Coursen en ligne – 46 Stonnen<br>**5** Coursen en présentiel – 46 Stonnen | **21** Coursen *Niveau A 1.1 bis B 1.3*<br>*3 Coursë sinn annuléiert ginn* |
| Conversatiounscours | September 2024 – Mee 2025<br>**1** Cours en ligne – 50 Stonnen | **1** Cours<br>*1 Cours ass annuléiert ginn* |
| **1.** Summer-Sessioun | Mee – Juni 2024<br>**7** Coursen en ligne – 46 Stonnen<br>**1** Cours en présentiel – 46 Stonnen | **8** Coursen<br>Niveau *A 1.1. – B 1.3* |
| **2.** Summer-Sessioun | Juni – Juli 2024<br>**8** Coursen en ligne – 46 Stonnen<br>**2** Coursen en présentiel – 46 Stonnen | **10** Coursen<br>Niveau *A 1.1. – B 1.3* |

- **Formateuren**

  **17** Formateuren a Formatricen hu fir d'Moien ASBL Coursë gehalen.

- **Apprenanten**

  **1 021** Apprenanten hunn u 60 Coursen deelgeholl.

| Catégorie | Hommes | Femmes | Total |
|---|---|---|---|
| LANGUES (LA) | 369 | 652 | 1021 |
| **Total** | **369** | **652** | **1021** |

- **Aschreiwungen**

  **63,76 %** vun den Apprenanten hu sech mam „**plein tarif**" ageschriwwen a **37,21 %** hu sech mam „**tarif réduit**" ageschriwwen.

| **Sessiounen** | **Coursen** | **Apprenanten ouni Bong** | **Apprenante mat Bong** | **Total** |
|---|---|---|---|---|
| **Jores-Sessiounen:**<br>**1. Sessioun**<br>**2. Sessioun** | <br>**20**<br>**21** | <br>**199**<br>**248** | <br>**152**<br>**112** | <br>**351**<br>**360** |
| **Conversatiounscours** | **1** | **5** | **1** | **6** |
| **1. Summer-Sessioun** | **7** | **85** | **37** | **122** |
| **2. Summer-Sessioun** | **10** | **104** | **78** | **182** |
| **Total:** | **60** | **641** | **380** | **1021** |
| | | 63,76 % | 37,21 % | |

- **Bongen**

**380** Apprenanten hu sech mam „tarif réduit“ an d’Coursen ageschriwwen

| ADEM | MIFA | ONA | Onis | Offices sociaux communaux |
| --- | --- | --- | --- | --- |
| 128 | 215 | 1 | 13 | 23 |

- **Alter vun den Apprenanten**

Déi meeschten Apprenantë sinn an der Altersgrupp vun **30–49 Joer**.

| **2023/2024 – Nombre d'inscrits par statut d'organisateur, par tranche d'âge et par sexe – 20/10/2024** | | | | | | | | | | | |
| --- | --- | --- | --- | --- | --- | --- | --- | --- | --- | --- | --- |
| | **< 18** | | **18–29** | | **30–49** | | **> 50** | | **Total** | | |
| **Statut** | **H** | **F** | **H** | **F** | **H** | **F** | **H** | **F** | **H** | **F** | **Total** |
| ASBL | 0 | 3 | 47 | 80 | 266 | 472 | 56 | 97 | 369 | 652 | 1021 |
| **Total** | **0** | **3** | **47** | **80** | **266** | **472** | **56** | **97** | **369** | **652** | **1021** |

- **Nationalitéiten**

**1021** Apprenantë mat **92** verschiddenen Nationalitéite waren an d’Coursen ageschriwwen.

| **2023/2024 – Nombre d'inscrits par nationalité et par sexe - 20/10/2024** | | | |
| --- | --- | --- | --- |
| **Nationalité** | **Hommes** | **Femmes** | **Total** |
| France | 53 | 131 | 184 |
| Belgique | 34 | 63 | 97 |
| Maroc | 40 | 37 | 77 |
| Portugal | 23 | 36 | 59 |
| Inde | 24 | 17 | 41 |
| Luxembourg | 16 | 24 | 40 |
| Italie | 17 | 21 | 38 |
| Tunisie | 9 | 18 | 27 |
| Cameroun | 6 | 17 | 23 |
| Brésil | 2 | 20 | 22 |
| Pologne | 3 | 19 | 22 |
| Ile Maurice | 8 | 12 | 20 |
| Liban | 9 | 11 | 20 |
| Roumanie | 0 | 18 | 18 |
| Turquie | 7 | 11 | 18 |
| Algérie | 5 | 9 | 14 |
| Erythrée | 9 | 4 | 13 |
| Syrie | 6 | 7 | 13 |
| Albanie | 3 | 9 | 12 |
| Etats-Unis | 5 | 7 | 12 |
| Royaume-Uni | 8 | 4 | 12 |
| Bosnie-Herzégovine | 1 | 8 | 9 |
| Cap-Vert | 3 | 6 | 9 |
| Ukraine | 3 | 6 | 9 |

| | | | |
|---|---|---|---|
| Allemagne | 5 | 3 | 8 |
| Colombie | 2 | 6 | 8 |
| Hongrie | 3 | 5 | 8 |
| Pakistan | 1 | 6 | 7 |
| Philippines | 1 | 6 | 7 |
| Côte D'Ivoire | 4 | 2 | 6 |
| Egypte | 6 | 0 | 6 |
| Espagne | 1 | 5 | 6 |
| Fédération de Russie | 0 | 6 | 6 |
| Monténégro | 2 | 4 | 6 |
| Azerbaïdjan | 3 | 2 | 5 |
| Bulgarie | 1 | 4 | 5 |
| Bélarus | 0 | 5 | 5 |
| Japon | 0 | 5 | 5 |
| Territoire britannique d'outre-mer | 4 | 1 | 5 |
| Afghanistan | 4 | 0 | 4 |
| Bangladesh | 4 | 0 | 4 |
| Chine | 0 | 4 | 4 |
| Croatie | 4 | 0 | 4 |
| France, Métropolitaine | 1 | 3 | 4 |
| INDETERMINE | 1 | 3 | 4 |
| Irak | 1 | 3 | 4 |
| Pérou | 2 | 2 | 4 |
| Argentine | 1 | 2 | 3 |
| Australie | 0 | 3 | 3 |
| Chili | 3 | 0 | 3 |
| Danemark | 0 | 3 | 3 |
| Iran | 2 | 1 | 3 |
| Irlande | 0 | 3 | 3 |
| Lituanie | 1 | 2 | 3 |
| Mexique | 0 | 3 | 3 |
| Moldavie | 0 | 3 | 3 |
| République Dominicaine | 0 | 3 | 3 |
| République Tchèque | 0 | 3 | 3 |
| Serbie | 1 | 2 | 3 |
| Somalie | 3 | 0 | 3 |
| Sénégal | 2 | 1 | 3 |
| Afrique du Sud | 0 | 2 | 2 |
| Arabie Saoudite | 2 | 0 | 2 |
| Bénin | 0 | 2 | 2 |
| Chypre | 0 | 2 | 2 |
| Estonie | 2 | 0 | 2 |
| Finlande | 1 | 1 | 2 |
| Gabon | 0 | 2 | 2 |
| Géorgie | 0 | 2 | 2 |
| Hongkong | 0 | 2 | 2 |
| Pays-Bas | 1 | 1 | 2 |
| République Démocratique du Congo | 0 | 2 | 2 |
| Thaïlande | 0 | 2 | 2 |
| Vietnam | 0 | 2 | 2 |
| Angola | 0 | 1 | 1 |
| Antigua-et-Barbuda | 1 | 0 | 1 |

| | | | |
|---|---|---|---|
| Arménie | 0 | 1 | 1 |
| Burkina Faso | 0 | 1 | 1 |
| Canada | 0 | 1 | 1 |
| Congo | 1 | 0 | 1 |
| Corée du Sud | 0 | 1 | 1 |
| Etat de Palestine | 0 | 1 | 1 |
| Grèce | 0 | 1 | 1 |
| Guatemala | 0 | 1 | 1 |
| Israël | 0 | 1 | 1 |
| Kazakhstan | 0 | 1 | 1 |
| Lybie | 0 | 1 | 1 |
| Macédoine | 0 | 1 | 1 |
| Madagascar | 1 | 0 | 1 |
| Niger | 1 | 0 | 1 |
| Ouzbékistan | 1 | 0 | 1 |
| São Tomé et Principe | 0 | 1 | 1 |
| Turkménistan | 1 | 0 | 1 |
| **Total** | **369** | **652** | **1021** |

- **Statistiken aus dem GICEA**

| | Sessiounen/Cours | Coursen | Schüler | Männer | Fraen | Nationalitéiten |
|---|---|---|---|---|---|---|
| **2023-2024** | **2** Jores<br>**2** Summer<br>**1** Conversatioun | **60** | **1 021** | **369** | **652** | **92** |

- **Certificaten ausgestallt vum Ministère de l'Education Nationale**

De Ministère huet **719** Certificaten ausgestallt.

**2023/2024 – Nombre de certificats délivrés par statut d'organisateur et par sexe**

| Statut | Hommes | Femmes | Total |
|---|---|---|---|
| ASBL | 257 | 462 | 719 |
| **Total** | **257** | **462** | **719** |

- **Apprenanten, déi sech fir d'nächst Schouljoer ageschriwwen hunn**

**281** Apprenanten hu sech erëm fir d'Schouljoer 24–25 ageschriwwen.

**2023/2024 – Nombre d'apprenants qui se sont réinscrits par organisateur (d'une année sur la suivante) – 20/10/2024**

| Organisateur | Hommes | Femmes | Total |
|---|---|---|---|
| Moien ‚Eng Bréck fir eis Sprooch' asbl | 98 | 183 | 281 |
| **Total** | **98** | **183** | **281** |

## Kulturell Visitt 2024

### Historeschen Trëppeltour vum Lampertsbierg mam Här Anicet Schmit, President vun de Lampertsbierger Geschichtsfrënn

Lampertsbierger
Geschichtsfrënn
a.s.b.l.

MOIEN
Eng Bréck fir eis Sprooch
a.s.b.l.

Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen,
léif Membere vun der Moien ASBL,

fir d’zweete Kéier géife mir Iech ganz häerzlech op eng Visitt iwwert de Lampertsbierg alueden, déi eis d’Geschichtsfrënn vum Lampertsbierg proposéieren,

**e Samschdeg, de 4. Mee 2024.**

Dës Kéier gëtt eis den Här Anicet SCHMIT, President vun de Geschichtsfrënn, e weideren interessanten Abléck an d'Geschicht vum Lampertsbierg mat engem flotten an animéierten *„Historeschen Trëppeltour iwwert de Lampertsbierg"*, woubäi mir dës Etappen zesummen ukucke wäerten an eis mat flotten Anekdote begeeschtere loossen.
Den Tour dauert ongeféier zwou Stonnen.
Den Depart ass um 10:00 Auer bei hirem Sall, op Nummer 49 Ermesindestrooss, beim Tramsschapp.

Hei e puer Etappe vum Trëppeltour:

1. Tramsschapp, Rue Ermesinde 49
2. Bourg Gemen, Rue Pasteur
3. Beschoff Phillip, Rue Pasteur
4. Baarmhäerzeg Schwësteren, Rue Ermesinde
5. Sainte Marie, Av. de la Faïencerie
6. Neumanns Park, Rue Nik Ries
7. Soupert-Notting mat Explikatiounen iwwert Rousen, Av. de la Faïencerie
8. Rue Lacroix Soupert
9. Dominikannerinneklouschter, Rue Pasteur
10. Kutter-Haus, Rue Pasteur
11. Kannerland, Rue Pasteur
12. Veräinshaus, Rue Pasteur

Nom Trëppeltour gi mir eis stäerken an de **Restaurant Porta Nova** an der Faïenceriestrooss.
No der Visitt besteet och d'Méiglechkeet, am Sall vun de Geschichtsfrënn d'Buch „De Lampertsbierg – Histoire d'un quartier florissant" ze kafe respektiv och d'DVD vum Film vum Joy Hoffmann.

Mir géifen eis freeën, wann Dir kéint dobäi sinn; mellt Iech wannechgelift bis spéitstens den 28. Abrëll u fir den Trëppeltour. Sot eis wgl. Bescheed, ob Dir nëmme mat trëppelen oder och mat iesse gitt.

Fir de Kommitee vu Moien „Eng Bréck fir eis Sprooch" ASBL

| | | |
|---|---|---|
| Denise Heiderscheid<br>Presidentin | Lydia Thommes<br>Organisatrice | Anicet Schmit<br>President<br>Lampertsbierger<br>Geschichtsfrënn a.s.b.l. |






**ROSIERS** Approvisionnement énorme en Plantes extra fortes
et de toute première qualité en
*hautes tiges, demi-tiges et rez-terre*
Aux prix les plus favorables, chez

**SOUPERT ET NOTTING**

Fournisseurs
des Cours de Luxembourg, Hollande, Suède, Brésil et du comte de Flandres

**A LUXEMBOURG**

Le Catalogue descriptif, contenant plus de 2,450 sortes de Roses, y compris *toutes les dernières Nouveautés*, est adressé gratis à celui qui en fera la demande.

**Port de lettres, 25 centimes. — Cartes postales, 10 centimes.**









## Formateursdeeg

## 36. Formateursdag de 16. Mäerz 2024

Léif Formateuren,
mir invitéieren Iech ganz häerzlech op de 34. Formateursdag,
e Samschdeg, de 16. Mäerz vu 14:00 – 16:30 Auer
am Sall vun der Sproocheschoul DElite
2, im Bongert – L-5964 Izeg.
Programm vum 34. Formateursdag
ënnert der Leedung vum Jérôme Lulling an Emanuele Prestifilippo

De Jérôme an den Emanuele erklären d'Geschicht vum Projet (https://saz.lu/#/timeline).
Si weisen, ewéi een domat schafft a Saz.lu och an enger Klass asetze kann.

Saz.lu besteet aus 2 Uwennungen:

- e Konkordanz-Tool
- e Spellchecker mat Feeleranalys

De Projet Saz.lu schafft net mat kënschtlecher Intelligenz, d’Feeleranalys vun hirem Spellchecker schafft mat ganz prezise Reegelen.

Si weisen eis, wat Saz.lu schonns alles kann, mä och, wat Saz.lu nach net kann a wéi een de Projet, virun allem d’Datebank, nach kéint ausbauen.


Si schwätze kuerz iwwer d’kënschtlech Intelligenz. Des Weideren ass et interessant ze kucken, wéi Saz.lu op e lëtzebuergeschen Text vum ChatGTP reagéiert.

Mellt Iech wgl. bis den 11. Mäerz 2024 un op (max. Zuel vu Participanten: 23)
moienasbl@pt.lu.

Mir soen dem Jeannine Weis, Member vun eisem Kommitee, Merci, datt hatt eis e Sall fir eis Formatioun a senger Sproocheschoul zur Verfügung stellt.

Mir si frou, Iech op dësem Formateursdag erëmzegesinn.
Mir schécken Iech och d’Weebeschreiwung.

Denise Heiderscheid
fir de Kommitee vu Moien – Eng Bréck fir eis Sprooch ASBL







Emanuele a Jérôme

## 37. Formateursdag den 9. November 2024

Léif Formateuren,

mir invitéieren Iech ganz häerzlech op de 35. Formateursdag,

e Samschdeg, den 9. November vun 09:00 – 16:00 Auer
am Sall vun der Sproocheschoul dElite
2, im Bongert – L-5964 Izeg.

Programm vum Formateursdag

- vun 9:00–11:00 Auer
  Austausch vu Material a Methodik, duerno Workshop
  *ënnert der Leedung vum Stéphanie Sanchez an Nadia Lassine*

- um 11:30 Auer
  Mir ginn an d'Pizzeria Al Sole zesummen iessen.
  *Adress: 516 A, rte de Thionville, Alzeng*

- vu 14:00-16:00 Auer
  Sproochentest
  *ënnert der Leedung vum Jeannine Weis a Stéphanie Ternes*

Mellt Iech wgl. bis den 3. November 2024 u per Mail op moienasbl@pt.lu
(Max. Unzuel vu Participanten: 23)









*Bauer Lydia, Descoups Anne, Duchscher Marianne, Freimann Annick, Harslem Monique, Heiderscheid Denise, Hein Manette, Heinz Natacha, Karen Marianne, Lassine Nadia, Neves Nuno, Philipp Chantal, Ragnacci Malou, Sanchez Stéphanie, Ternes Stéphanie, Weis Jeannine*

## 41. Festival des Migrations, des Cultures et de la Citoyenneté

E Samschdeg, de 24. Februar, an e Sonndeg, de 25. Februar 2024



**Eise Stand um CLAE-Festival 2024:**
**Hall N° 2 Stand Nummer 173**
**Dëst Joer ass eise Stand tëscht dem SFA an dem INL**

D'Monique an d'Denise hunn e Samschdeg um 12:00 opgeriicht.

Um Stand hu gehollef:

Chantal
Denise
Jeannine
Lydia
Monique
Nadia
Stéphanie Sanchez
Stéphanie Ternes




E Samschdeg um 16:00 Auer huet Radio ARA en Interview mat der MOIEN ASBL opgeholl.

E Sonndeg den Owend hunn d'Lydia an d'Denise de Stand erëm ofgeriicht.

E grousse Merci fir är Hëllef, ären Asaz an déi flott Ambiance.

## Generalversammlung de 25. Oktober 2025

Léif Memberen,

mir invitéieren Iech op eis uerdentlech Generalversammlung

**e FREIDEG, de 25. Oktober ëm 18:00 Auer**
am **grousse Sall vum CLAE**
26, rue de Gasperich L-1617 Luxembourg

Dagesuerdnung:

01. Begréissung vun der Presidentin
02. Aktivitéitsrapport vun der Sekretärin
03. Rapport vun der Tresorière
04. Rapport vun de Keesskontrolleren
05. Decharge vum Kommitee
06. Decharge vun de Keessekontrolleren an Neiwal
07. Deelweis Neiwal vum Kommitee
08. Programm vun de Fréijoerscoursen
09. Fräi Aussprooch
10. Presentatioun a Virliesung um 19:00 Auer vum Christiane Kremer vu Kremart Edition
11. Schlusswuert vun der Presidentin

Mir wiere frou, wann Dir un eiser Generalversammlung deelhuele kéint.
Uschléissend invitéiere mir Iech no der Generalversammlung géint 20:30 an de Restaurant Quadro Delizioso, 24 rue de Gasperich, 1617 Luxembourg.

D'Moien ASBL kann nëmme bestoen, wa mir weider esou zesummenhalen, an dofir wëlle mir Iech ganz besonnesch Merci soen.

Mellt Iech wgl. op moienasbl@pt.lu un, fir d'Generalversammlung a fir d'Iessen, bis spéitstens den 21. Oktober 2024.

Dir kënnt dee grousse Parking vum Restaurant nieft dem CLAE (Entrée) benotzen.

Denise Heiderscheid
Presidentin vun der Moien ASBL

**Virliesung vum Christiane Kremer**
Op der Generalversammlung vum 25. Oktober 2024

KREMART
EDITION







KREMART TIMBA 1 BIS 24 (KOMPLETT)
Ouni ze vill ze verroden: 24 TIMBA-Bicher ware geplangt a sinn der dann och an onreegelméissegen Ofstänn erauskomm. Am Oktober 2024 hunn d'Nummeren 23 a 24 d'Serie ofgeschloss. Se goufen all Korrektur gelies vum *Myriam Welschbillig*, gelayout vum *Sacha Heck*, gedréckt vun der *Reka* an ënnerstëtzt vum *Focuna*.
Iech all e grousse MERCI.
An alle Lieser a Lieserinnen eng gutt Lektür!




Kanephora 10: De Bicherbus

„De Bicherbus“ vum Christiane Kremer spillt am Joer 2013 zu Lëtzebuerg. En onrouegt an turbulent Joer fir d’Land, awer och fir d’Haaptprotagonistin am Roman.

Kee versteet et, am mannsten d’Corinne selwer. D’Liewen un der Säit vum Joé, Jurist an Deputéierten, war ëmmer gutt an esou wéi geplangt. Kee Millimeter huet geännert un deem Plang, dee se sech zesummen opgestallt haten. En Team mat Zukunft. Mä wiem seng Zukunft? A wat ass mam Elo? De Bicherbus erzielt vun enger Fra, déi hire Liewenswee op eemol ännert, an dat an enger Zäit, an där och an der Politik zu Lëtzebuerg d’Verännerung an der Loft läit.

Text: Christiane Kremer
Korrektur: Myriam Welschbillig a Luc Marteling
Layout: creative corner

Merci, Christiane, fir deng flott an interessant Virliesung op eiser Generalversammlung. Mir wënschen dir vill Succès mat denge Bicher.

## Programm 2024–2025 vun de Lëtzebuerger Coursen

| 1re SESSION 24–25 | | | | | | Tarif 138 € / 46 h |
|---|---|---|---|---|---|---|
| 16./17.9.24 | | 9./10.12.24 | | | | |
| **Code** | **Niveau CECR** | **Horaire** | **Date** | **Jour** | **Durée/ h** | **Lieu** |
| LA-LB-304-24-25 | A1.1 | 09:00-11:00 | 16.9-9.12 | lu-me | 46 | Zoom |
| LA-LB-305-24-25 | A1.1 | 09:00-11:00 | 16.9-9.12 | lu-me | 46 | Zoom |
| LA-LB-306-24-25 | A1.1 | 12:00-14:00 | 16.9-9.12 | lu-me | 46 | Zoom |
| LA-LB-307-24-25 | A1.1 | 18:30-20:30 | 23.9-16.12 | lu-me | 46 | Athénée |
| LA-LB-308-24-25 | A1.1 | 18:30-20:30 | 17.9-10.12 | ma-je | 46 | Athénée |
| LA-LB-309-24-25 | A1.1 | 18:45-20:45 | 17.9-10.12 | ma-je | 46 | Zoom |
| LA-LB-310-24-25 | A1.1 | 18:30-20:30 | 16.9-9.12 | lu-ma | 46 | Zoom |
| LA-LB-541-24-25 | A1.1 | 18:00-20:00 | 16.9-9.12 | lu-me | 46 | Zoom |
| LA-LB-542-24-25 | A1.1 | 9:00-11:00 | 16.9-9.12 | lu-me | 46 | Zoom |
| | | | | | | |
| LA-LB-311-24-25 | A1.2 | 9:00-11.00 | 16.9-9.12 | lu-me | 46 | Zoom |
| LA-LB-312-24-25 | A1.2 | 12:00-14:00 | 17.9-10.12 | ma-je | 46 | Zoom |
| LA-LB-313-24-25 | A1.2 | 15:00-17:00 | 16.9-9.1 | ma-je | 46 | Zoom |
| LA-LB-314-24-25 | A1.2 | 17:00-19:00 | 17.9-10.12 | ma-je | 46 | Zoom |
| | | | | | | |
| LA-LB-315-24-25 | A2.1 | 09:00-11:00 | 17.9-10.12 | ma-je | 46 | Zoom |
| LA-LB-316-24-25 | A2.1 | 12:00-14:00 | 16.9-9.12 | lu-me | 46 | Zoom |
| LA-LB-317-24-25 | A2.1 | 18:30-20:30 | 16.9-9.12 | lu-me | 46 | Athénée |
| LA-LB-539-24-25 | A2.1 | 18:30-20:30 | 16.9-9.12 | lu-me | 46 | Zoom |
| | | | | | | |
| LA-LB-318-24-25 | A2.2 | 09:00-11:00 | 16.9-9.12 | lu-me | 46 | Zoom |
| LA-LB-319-24-25 | A2.2 | 18:00-20:00 | 17.9-10.12 | ma-je | 46 | Zoom |
| | | | | | | |
| LA-LB-321-24-25 | A2.3 | 18:30-20:30 | 16.9-9.12 | lu-me | 46 | Zoom |
| | | | | | | |
| LA-LB-322-24-25 | B1.1 | 10:00-12:00 | 16.9-9.12 | lu-me | 46 | Zoom |
| LA-LB-323-24-25 | B1.1 | 18:30-20:30 | 17.9-10.12 | ma-je | 46 | Athénée |
| | | | | | | |
| LA-LB-324-24-25 | B1.2 | 09:00-11.00 | 17.9-10.12 | ma-je | 46 | Zoom |
| LA-LB-325-24-25 | B1.2 | 18:30-20:30 | 17.9-10.12 | ma-je | 46 | Zoom |
| | | | | | | |
| **Total: 24 cours** | | | | | | |

| 2e SESSION 24-25 | | | | | | Tarif |
|---|---|---|---|---|---|---|
| 20./21.01.25 | | 05./06.05.25 | | | | 138 € / 46 h |
| Code | Niveau CECR | Horaire | Date | Jour | Durée/h | Lieu |
| | | | | | | |
| LA-LB-533-23-24 | A1.1 | 10:30-12:30 | 21.01-29.04 | ma-je | 46 | Zoom |
| LA-LB-534-23-24 | A1.1 | 09:00-11:00 | 20.01-30.04 | lu-me | 46 | Zoom |
| LA-LB-535-23-24 | A1.1 | 18:30-20:30 | 21.01-29.04 | ma-je | 46 | Athéenée |
| LA-LB-536-23-24 | A1.1 | 18:30-20:30 | 20.01-30.04 | lu-me | 46 | Athénée |
| LA-LB-695-24-25 | A1.1 | 18:30-20:30 | 21.01-29.04 | ma-je | 46 | Athénée |
| | | | | | | |
| LA-LB-589-24-25 | A1.2 | 18:00-20:00 | 20.01-30.04 | lu-me | 46 | Zoom |
| LA-LB-511-24-25 | A1.2 | 09:00-11:00 | 20.01-30.04 | lu-me | 46 | Zoom |
| LA-LB-512-24-25 | A1.2 | 09:00-11:00 | 20.01-30.04 | lu-me | 46 | Zoom |
| LA-LB-513-24-25 | A1.2 | 12:00-14:00 | 20.01-30.04 | lu-me | 46 | Zoom |
| LA-LB-514-24-25 | A1.2 | 18:30-20:30 | 20.01-30.04 | lu-me | 46 | Athénée |
| LA-LB-515-24-25 | A1.2 | 18:30-20:30 | 21.01-29.04 | ma-je | 46 | Athénée |
| LA-LB-516-24-25 | A1.2 | 18:45-20:45 | 21.01-29.04 | ma-je | 46 | Zoom |
| LA-LB-517-24-25 | A1.2 | 18:30-20:30 | 20.01-29.04 | lu-ma | 46 | Zoom |
| | | | | | | |
| LA-LB-518-24-25 | A2.1 | 09:00-11.00 | 20.01-30.04 | lu-me | 46 | Zoom |
| LA-LB-519-24-25 | A2.1 | 12:00-14:00 | 21.01-29.04 | ma-je | 46 | Zoom |
| LA-LB-521-24-25 | A2.1 | 17:00-19:00 | 21.01-29.04 | ma-je | 46 | Zoom |
| | | | | | | |
| LA-LB-523-24-25 | A2.2 | 12:00-14:00 | 20.01-30.04 | lu-me | 46 | Zoom |
| LA-LB-524-24-25 | A2.2 | 18:30-20:30 | 20.01-30.04 | lu-me | 46 | Athénée |
| LA-LB-591-24-25 | A2.2 | 18:30-20:30 | 20.01-30.04 | lu-me | 46 | Zoom |
| | | | | | | |
| LA-LB-525-24-25 | A2.3 | 09:00-11:00 | 22.01-29.04 | me-ve | 46 | Zoom |
| LA-LB-526-24-25 | A2.3 | 18:00-20:00 | 21.01-29.04 | ma-je | 46 | Zoom |
| | | | | | | |
| LA-LB-528-24-25 | B1.1 | 18:30-20:30 | 20.01-30.04 | lu-me | 46 | Zoom |
| | | | | | | |
| LA-LB-529-24-25 | B1.2 | 10:00-12:00 | 20.01-30.04 | lu-me | 46 | Zoom |
| | | | | | | |
| LA-LB-531-24-25 | B1.3 | 09:00-11.00 | 21.01-29.04 | ma-je | 46 | Zoom |
| LA-LB-532-24-25 | B1.3 | 18:30-20:30 | 21.01-29.04 | ma-je | 46 | Zoom |
| | | | | | | |
| **Total: 25 cours** | | | | | | |

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Service de la formation des adultes

Avec le soutien et la participation financière du Ministère

COURS DE LUXEMBOURGEOIS COURS INTENSIFS D'ÉTÉ 2025
Tarif 138 € par cours
Bon valide accordé par le ministère 10 € par cours
+10 € Frais d'administration par cours
Inscription le 1er avril 2025 sur le site www.moienasbl.lu

| **cours intensifs d'été de mai à juin 2025** | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| **Code** | **Niv. CECRL** | **Période** | **Jours** | **Horaire** | **Durée** | **Zoom / Athénée** |
| LA-LB-000-25 | **A1.1** | 02.05-22.05 | lu,ma,me,je,ve | 18:00-21:00 | 15 j à 3 h | Zoom/Nadia |
| LA-LB-000-25 | **A1.1** | 05.05-04.06 | lu,ma,me,je, | 18:00-21:00 | 15 j à 3 h | Athénée/Nuno |
| LA-LB-000-25 | **A1.1** | 05.05-04.06 | lu,ma,me,je | 08:30-11:30 | 15 j à 3 h | Zoom/Miriam |
| LA-LB-000-25 | **A1.1** | 12.05-06.06 | lu,ma,me,je,ve | 08:30-11:30 | 15 j à 3 h | Zoom/Nathalie |
| | | | | | | |
| LA-LB-000-25 | **A1.2** | 12.05-12.06 | lu,ma,me,je,ve | 09:00-11:30 | 18 j à 2,5 h | Zoom/Sté |
| LA-LB-000-25 | **A1.2** | 23.05-20.06 | lu,ma,me,je,ve | 18:00-21:00 | 15 j à 3 h | Zoom/Nadia |
| | | | | | | |
| LA-LB-000-25 | **A2.3** | 12.05-12.06 | lu,ma,me,je,ve | 18:15-20:45 | 18 j à 2,5 h | Athénée /Sté |
| | | | | | | |
| LA-LB-000-25 | **B1.3** | 19.05-09.07 | lu,me,ve | 09:30-12:00 | 18 j à 2,5 h | Zoom/Lydia |
| **cours intensifs d'été de juin à juillet 2025** | | | | | | |
| **Code** | **Niv. CECRL** | **Période** | **Jours** | **Horaire** | **Durée** | **Zoom / Athénée** |
| LA-LB-000-25 | **A1.1** | 02.06-04.07 | lu,ma,me,je,ve | 18:30-20:30 | 23 j à 2 h | Athénée/Martine |
| LA-LB-000-25 | **A1.1** | 02.06-14.07 | lu,me,je,ve | 12:00:14:00 | 23 j à 2 h | Zoom/Manette |
| | | | | | | |
| LA-LB-000-25 | **A1.2** | 02.06-14.07 | lu,ma,me,je | 15:00-17:00 | 23 j à 2 h | Zoom/Manette |
| LA-LB-000-25 | **A1.2** | 16.06-07.07 | lu,ma,me,je,ve | 08:30-11:30 | 15 j à 3 h | Zoom/Nathalie |
| LA-LB-000-25 | **A1.2** | 16.06-10.07 | lu,ma,me,je | 18:00-21:00 | 15 j à 3 h | Athénée/Nuno |
| | | | | | | |
| LA-LB-000-25 | **A2.1** | 16.06-10.07 | lu,ma,me,je,ve | 09:00-11:30 | 18 j à 2 h | Zoom/Sté |
| LA-LB-000-25 | **A2.1** | 24.06-14.07 | lu,ma,me,je,ve | 18:00-21:00 | 15 j à 3 h | Zoom/Nadia |
| | | | | | | |
| LA-LB-000-25 | **A2.2** | 02.06-14.07 | lu,ma,me,je | 18:30-20:30 | 23 j à 2 h | Zoom/Manette |
| | | | | | | |
| LA-LB-000-25 | **B1.1** | 16.06-10.07 | lu,ma,me,je,ve | 18:15-20:45 | 18 j à 2,5h | Athénée/Sté |

## Walfer Bicherdeeg an RTL-Dictée 2024

D'Walfer Bicherdeeg sinn de **16. a 17. November** a stinn déi Kéier ënnert dem Motto **„Wanderlust"**

16. und 17. Nov. 2024

**Wir sind stets in Bewegung, immer unterwegs, als würden wir angetrieben von einer Angst vor dem Stillstand. Wir wandern, wir reisen, entdecken neue Orte, begegnen unbekannten Menschen und anderen Kulturen. All unsere Reisen zeitigen neue Erfahrungen, und unsere sprachliche Vielfalt ermöglicht uns einen Austausch mit dem Unbekannten, der unseren Alltag, unsere Gewohnheiten und unser kreatives Schaffen beeinflusst.**




Den **ZLS** stellt de sechste Band vun der Serie „Lëtzebuerger Wuertschatz" vir.

## Lëtzebuergesch Dictée




D'Leit waren deelweis vu Wäitem komm, fir deen ze erblécksen, deen donneschdes, de sechsanzwanzegste September 2024, moies um Findel gelant war. Dir wësst sécher, wouvun hei rieds ass: Et geet ëm de peepstleche Besuch zu Lëtzebuerg.
De Grand-Duc, d'Grande-Duchesse an aner Perséinlechkeeten haten de Poopst direkt beim Fliger begréisst. Duerno goung et gaangs an d'Stad, wou den Invité aus dem Vatikan sech et net huele gelooss huet, en Espresso an d'Ënneschtgaass drénken ze goen, obwuel de Programm nawell sportlech getimet/getimed war an d'Sécherheetsvirschrëften et am Fong net zougelooss hätten.
Den Ierfgroussherzog konnt nach net a senger neier Funktioun mat derbäi sinn: Dee gouf nämlech eréischt dënschdes, den aachten Oktober vereedegt. Iwweregens hat Lëtzebuerg mat der Urgroussmamm vum aktuelle Staatschef schonn eng Kéier eng weiblech Lieutenante-Représentante. Ob dat sech wuel an Zukunft widderhëlt? An ob d'Welt och jeemools wäert eng Peepstin gesinn? Op alle Fall hunn déi zwee Evenementer an den Noriichten an um Stamminee nawell vill kontrovers Diskussiounen ausgeléist. Et ass domat wéi mat deene meeschten Aktualitéitstheemen: Wat déi eng als Cadeau/Kaddo ugesinn, dreift déi aner op d'Palm.
Mee zeréck bei dat, wat eis haut verbënnt, an zwar eis Dictée. E Cadeau/Kaddo, sot ech elo just. Do gëtt et jo och eng integréiert Schreifweis mat engem grousse K. Muss een do de klengen d verduebelen oder net? Dat kënne mer geschwënn am Corrigé nokucken ... a wie weess, vläicht och a ville Kopien!
Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch

## Neien Direkter vum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch



En date du 13 septembre 2024, le ministre de la Culture Eric Thill a procédé à l'assermentation de

Monsieur Alexandre Ecker, nommé directeur du Zenter fir d’Lëtzebuerger Sprooch (ZLS) par arrêté grand-ducal du 24 juillet 2024

## Mam ZLO testen, wéi gutt ee Lëtzebuergesch schreiwe kann

ZLO steet fir Zertifikat Lëtzebuerger Orthografie

Et handelt sech ëm en offiziellen, standardiséierten Test, deen aus 90 Froen zur Lëtzebuerger Orthografie besteet.

Gesetz vum 8. Mäerz 2023 iwwert d'Grënnung vum nationale Sproochinstitut Lëtzebuerg

Zanter Juli 2021 gouf un dësem neien, standardiséierten Test fir d'Lëtzebuerger Orthografie geschafft.

Den Test mécht et méiglech, en offiziellen Zertifikat fir d'Kompetenzen an der Lëtzebuerger Orthografie ze kréien.




De Verlaf vum Zertifikat Lëtzebuerger Orthografie ass einfach:

- Et hëlt ee sech e Rendez-vous um Site vum INLL.
- D'Epreuve ass op enger Tablett.
- Den Test mat 90 Froen dauert ronn 40 Minutten.
- Et si Multiple-Choice-Froen op Basis vun de wichtegste Lëtzebuerger Orthografiesreegelen.
- D'Resultater kritt een op engem offiziellen Zertifikat heemgeschéckt.
- Den Test kascht 30 Euro.

# Retrospektiv 2023 – 2024

**1. Sessioun 2023–2024**

20 Coursë vu September bis Dezember

**2. Sessioun  2023–2024**

21 Coursë vu Januar bis Mee

**Summer-Intensivcoursen**

7 Coursen: Mee – Juni 2024

8 Coursen: Juni – Juli 2024

**Conversatiounscours**

1 Conversatiounscours vu September 2023 bis Mee 2024

**Kommiteessëtzungen**

1. Kommiteessëtzung den 10. November 2023 no der Generalversammlung
2. Kommiteessëtzung den 19. Januar 2024
3. Kommiteessëtzung den 19. Abrëll 2024
4. Kommiteessëtzung den 19. Juli 2024
5. Kommiteessëtzung de 4. Oktober 2024

Generalversammlung

de 25. Oktober 2024 um 19:00 Auer am Sall vum CLAE Gaasperech

Kommiteesmemberen: Chantal Philipp, Stéphanie Sanchez, Nadia Lassine, Jeannine Weis, Denise Heiderscheid

Éischt Kommiteessëtzung fir 2024/2025

Participatioun um 41. Festival des Migrations de 24. a 25. Februar 2024

16. Mäerz 2024: 34. Formateursdag

9. November 2024: 35. Formateursdag

25. Februar 2024: Festival des Migrations

5. Abrëll 2024: kulturell Visitt vum Lampertsbierg

25. Oktober: Liesung vum Christiane Kremer

## Inhaltsverzeechnes

**Infoblat 2024** ..... 1
**Generalversammlung vum 25. Oktober 2024** ..... 2
**Kulturell Visitt 2024** ..... 6
**Formateursdeeg** ..... 9
**41. Festival des Migrations, des Cultures et de la Citoyenneté** ..... 13
**Generalversammlung de 25. Oktober 2025** ..... 14
**Programm 2024–2025 vun de Lëtzebuerger Coursen** ..... 17
**Walfer Bicherdeeg an RTL-Dictée 2024** ..... 20
**Neien Direkter vum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch** ..... 22
**Mam ZLO testen, wéi gutt ee Lëtzebuergesch schreiwe kann** ..... 23
**Retrospektiv 2023 – 2024** ..... 24

**Merci** fir Äert Engagement, Är wäertvoll Mataarbecht

D'Moien ASBL seet Iech e grousse Merci fir 1000 Schüler am Joer 2024 bei der Integratioun an eisem schéine Land ënnerstëtzt ze hunn.

Am Numm vum Kommitee
wënschen ech Iech als Presidentin vun der Moien ASBL

vill Gléck fir dat neit Joer,
eng gutt Gesondheet,
flott Coursë mat Äre Schüler,
vill Freed mat Ärer Famill an Äre Frënn.




Zesummesetzung
Gilbert Hoscheid an Denise Heiderscheid